

Lëtzebuerg, den 6. Mee 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Den Tram ass zënter senger Aféierung quasi Affer vu sengem eegenen Erfolleg ginn. Esou kéim et an der Lescht ëmmer nees dozou, dass den Tram an de Spëttestonnen komplett iwverfëllt ass, soudass d'Leit deelweis laang musse waarden, fir een Tram ze kréien an deem nach Plaz ass.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- Kann den Här Minister dëst confirméieren?*
- Wa jo, wéi gedenkt den Här Minister d'Situatioun ze verbessern? Ass zum Beispill virgesinn, an de Spëtzenzäiten den Takt ropzesetzen oder e Wagon bäizesetzen?“*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6157 vum 6. Mee 2022 vum Här Deputéierten Max Hahn.

Iwwert de Wee vun enger parlamentarescher Fro freet den honorabelen Deputéierte Max Hahn Informatiounen iwwert d'Auslaaschtung vum Tram an de Spëttestonnen.

Kapazität vun engem Tram sinn ënnert Konditioune vu Covid 300 Persounen, dovunner 76 Sëtzplaze. Viru Covid ass ee vu 450 Persounen ausgaangen.

Den aktuellen Takt tëschent der Gare-Centrale a Luxexpo ass 4 Minutte vu 6:00 – 19:30. Dat entsprécht 15 Trame pro Stonn a Richtung, oder enger Kapazität vun $300 \times 15 = 4500$ Persoune pro Stonn a Richtung.

D'Benotzung vum Tram ass verdeelt iwwert den Dag héich. Spëtzenzäiten ginn et tëschent 8 an 9 Auer an Richtung Kierchbierg, an tëschent 17 an 18 Auer an Richtung Gare. Als Beispill déi lescht Woch Abrëll sinn an der Moyenne owes tëschent 100 an 150 Leit pro Tram an den Spëtzenzäiten tëschent den Statiounen Hamilius an Gare transportéiert ginn.

Maximal Kapazität leit wéi gesoot bei 300 Persounen pro Tram, wat weist dat et an der Moyenne vun der Spëtzenstonn nach Reserven ginn.

Iwwert den Dag verdeelt transportéiert Luxtram am Moment ongeféier 70 000 Persounen.

D'Ausso dass den Tram an Spëttestonne komplett iwwerfëllt ass an den Tram quasi Affer vu sengem eegenen Erfolleg ginn ass kann ech domadder net confirméieren.

Et ka sinn dass a verschiddene Momenter am Dag, a besonnesch op der Gare wa méi Zich zur gläicher Zäit ukommen, een Tram voll ass. Dann muss een am Extremfall op den nächsten Tram waarden, wat bei engem Takt vu 4 Minutten awer och keng laang Waardezäit ass.

Wéi ech schonn am Kontext vum Plan national de mobilité 2035 erklärt hunn, ass et d'Ziel aus der éischer Tramslinn ee richtegen Tramsreseau ze maachen mat insgesamt 4 Linnen. Een Tramsreseau ass vill méi resilient an d'Passagéier kënnen sech besser um ganze Reseau verdeele wéi op enger eenzeger Linn.

Am Moment ginn et och just 2 Beréierungspunkten tëscht Tram an der Eisebunn. An 2 Joer kann d'Gare périphérique um Houwald ugebonne ginn. Duerno gëtt d'Gare périphérique vun Hollerech och vum Tram erschloss. Mir verduebelen also d'Unzuel vun den Emsteigepunkten Zuch-Tram, wat d'Gare Centrale wäert entlaaschten. Änlech ass d'Situatioun bei den Emsteigepunkte Bus-Tram, wou mer vun haut 5 op muer 12 Emsteigepunkten an der Stad wäerten eropgoen.

Zousätzlech hunn mer effektiv d'Méiglechkeet punktuell op een 3-Minuttentakt eropzegie wat eng Kapazitéitserhéigung vun 33% duerstelt, also ënnert Covid-Bedingunge 6000 Persoune pro Richtung a Stonn.

Laangfristeg kënnen och méi laang Gefierer agesat ginn, falls d'Demande sech net besser sollt verdeelen a weider klëmmt.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch